PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An der Käler Gemengerotsitzung vum 12te Mäerz hat ee Vertrieder vum TICE erkläert, dass de Staat – also de Mobilitéitsministère – d'TICE-Buslinn 17, déi d'Gemeng Monnerech mat bedingt, net méi wéilt subventionnéieren. De Grond wier, dass d'Gemeng Monnerech net Member am TICE-Syndikat ass. D'Gemeng soll hei direkt selwer mam Staat verhandelen. Et stellt sech d'Fro, wien dobäi gewënnt, wann dës Linn an Zukunft un den RGTR ausgelaagert gëtt, aplaz d'Situatioun esou ze beloossen, wi se ass. Och de City-Bus zu Diddeleng soll an Zukunft vum RGTR iwwerholl ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch erklären, firwat den TICE d'Gemeng Monnerech net méi ufuere soll an de Staat dës Streck net méi wëll iwwert den TICE subventionnéieren, mee iwwert den RGTR?
2. Wéi eng weider TICE-Arrête wëll d'Ministesch net méi iwwert den TICE bezuelen a wie wäert dës Arrêten an Zukunft bedéngen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten